

Quiz Coronavirus

Ziler

Vermëttlung vu Wëssen iwwert
Hygiènes-Reegele beim Coronavirus

Dauer

+/- 20-30 minutes

Kuerz Beschreibung

Dëse Quiz ass e Spill fir de Kanner op eng spilleresch Aart a Weis, d'Hygiènes-Reegele, déi an dëser sanitärer Kris vum Covid-19 gëllen, ze vermëttelen. Et ass e Quiz mat 11 Froen an e fänkt mat Froen iwwert de Virus elwer un an duerno geet et weider mat Froen iwwert d'Hygiènes-Reegelen an d' Barrière-Gesten.

Et ass keen offiziellt Referenzdokument an ersetzt natierlech och net déi offiziell Preventiounsmoossnamen a sanitär Mesuren, déi vun der Regierung dekretéiert gi sinn. Well sech déi sanitär Situatioun an och de Wëssensstand iwwert de Coronavirus permanent weiderentwëckelt, ass et onbedéngt noutwenneg, sech reegelméisseg iwwert déi néitsen offiziell decidéiert Moossnamen ze informéieren an deemno wéi d'Äntwerten ob d'Quizfroen, oder och déi jeeeweileg Erklärungen unzepassen.

Et ginn 2 Fichë proposéiert.

- > Op der **Froen-Fiche** sinn nëmmen d'Froen, all Kéiers mat 3 Äntwertméiglechkeeten. Et kann een se entweder fir d'ganz Klass uweisen, sou datt de Quiz an der Grupp gemaach ka ginn. D'Froe-Fiche kann awer och eenzel un d'Kanner verdeelt ginn, sou datt jiddereen eleng op d'Froen äntwere kann, iert een dann an der Klass d'Froen opléisen an zesummen doriwwer diskutéiere kann.
- > Dann gëtt et nach **d'Fiche mat den Äntwerten** zu de Froen an och nach zousätzlech Erklärungen, déi d'Kanner zu weideren Iwwerleeungen urrege kënnen.

Material

Quiz iwwert d'Hygiènes-Reegele
beim Coronavirus

Froen-Fiche

Fiche Äntwerten an Erklärungen

Quiz Coronavirus

Fiche mat de Froen

Dëse Quiz ass e Spill fir de Kanner op eng spilleresch Aart a Weis, d'Hygiènes-Reegele, déi an dëser sanitärer Kris vum Covid-19 gëllen, ze vermëttelen.

Et ass keen offiziellt Referenzdokument an ersetzt natierlech och net déi offiziell Preventiounsmaassnahmen a sanitär Mesuren, déi vun der Regierung dekretéiert gi sinn. Well sech déi sanitär Situatioun an och de Wëssensstand iwwert de Coronavirus permanent weiterentwéckelt, ass et onbedéngt noutweneg, sech reegelméisseg iwwert déi néitsen offiziell decidéiert Maassnahmen ze informéieren an deemno wéi d'Äntwerten ob d'Quizfroen, oder och déi jeeweileg Erklärungen unzepassen.

1. Wéi ee Saz ass falsch?

- De Coronavirus ass eng Mikrobe.
- All d'Mikrobe si schlecht fir d'Gesondheet.
- Mikrobe gi gebraucht fir Jughurt, Kéis oder Schockela hierzustellen.

2. Firwat huet de Virus den Numm « Corona » kritt?

- Well seng Form e bësse wéi eng Kroun ausgesäit, wann een en ënnert dem Mikroskop kuckt.
- Well « Corona » Kroun heescht an hien de Kinnek vun de Viren ass.
- Well de Wëssenschaftler, deen de Virus entdeckt huet, Corona heescht.

3. Ween kann de Coronavirus kréien?

- Déi Erwuessen, virun allem déi eeler Léit.
- Déi Jonk, mee d'Kanner net.
- Jiddereen.

4. Firwat ass de Coronavirus e Problem?

- Well hien d'Kanner dorun hënnere kann an d'Schoul ze goen an déi Erwuesse fir schaffen ze goen.
- Well hien eis dorun hënnere kann an de Restaurant iessen ze goen, akafen ze goen an de Fliger ze huele fir an d'Vakanz ze goen.
- Well Léit, déi sech mam Virus ustiechen, heiansdo eng Krankheet entwéckelen, déi sech COVID-19 nennt, déi meeschtens net sou schlëmm verleeft, mee heiansdo awer verschidde Léit ganz schlëmm krank maache kann.

5. Wat sinn d'Haaptsymptomer vun enger Ustiechung mam Coronavirus (COVID-19)?

- Féiwer, Duerchfall, Appetitlosegheet an Iwwelzegheet.
- Féiwer, Houscht, Otemproblemer a Middegheet.
- Féiwer, Kappwéi, d'Aen déi picken an d'Oueren déi päifen.

Quiz Coronavirus

Fiche mat de Froen

6. Wéi iwwerdréit de Coronavirus sech?

- Duerch kleng Dräpsen, déi beim Schwätzen, Houschten oder Néitsen aus der Nues oder dem Mond ausgestouss ginn.
- Duerch kontaminéiert Géigestänn oder infizéiert Persounen.
- Duerch all des Saachen.

7. Wéi kënnt de Coronavirus an de Kierper?

- Duerch de Mond, d'Nues an d'Aen.
- Duerch d'Haut.
- Duerch d'Hänn.

8. Wéi kann een de Coronavirus bekämpfen?

- Duerch eng Impfung.
- Duerch d'Anhuele vun Antibiotiquen.
- Duerch d'Respektéiere vun den Hygiènes-Reegelen an de Barrière-Gesten.

9. Wann 2 Kanner, déi sech scho laang net méi gesinn hunn, am Schoulhaff begéinen, müssen si:

- Vermeiden sech unzekucken a mateneen ze schwätzen.
- Sech vu lauter Freed an d'Äerm falen.
- Ofstand vun 2 Meter zu eneen halen.

10. Wéi ee Saz iwwert Barrière-Gesten ass falsch?

- Et muss een an säin lelebou houschten oder néitsen.
- Et muss een ëmmer een an dat selwecht Nuesschnappech aus Stoff benotzen, dat ee bei 90°C an der Wäschmaschinn wäsche kann.
- Et soll ee vermeide säi Gesiicht mat den Hänn ze beréieren.

11. Wéi eng Behauptung ass falsch?

- D'Undoe vun enger Mask, engem Buff oder Schal, déi de Mond an Nues bedecken, hëlleft ze vermeiden datt een sech mam Coronavirus ustécht.
- D'Undoe vun enger Mask, engem Buff oder Schal, déi de Mond an Nues bedecken, ass obligatoresch wann et net méiglech ass de Sécherheetsofstand vun 2 Meter anzehalen.
- D'Undoe vun enger Mask, engem Buff oder Schal, déi de Mond an Nues bedecken, ass en zousätzleche Schutz deen hëlleft sech selwer virum Coronavirus ze schützen an deen awer virum allem hëlleft de Virus net weider ze verbreedden, wann een sech ugestach hätt ouni et ze wëssen

Quiz Coronavirus

Fiche Äntwerten an Erklärungen

Dëse Quiz ass e Spill fir de Kanner op eng spilleresch Aart a Weis, d'Hygiènes-Reegele, déi an dëser sanitärer Kris vum Covid-19 gëllen, ze vermëttelen.

Et ass keen offiziellt Referenzdokument an ersetzt natierlech och net déi offiziell Preventiounsmoosnamen a sanitär Mesuren, déi vun der Regierung dekretéiert gi sinn. Well sech déi sanitär Situatioun an och de Wëssensstand iwwert de Coronavirus permanent weiterentwéckelt, ass et onbedéngt noutweneg, sech reegelméisseg iwwert déi néitsen offiziell decidéiert Moosnamen ze informéieren an deemno wéi d'Äntwerten ob d'Quizfroen, oder och déi jeeweileg Erklärungen unzepassen.

1. Wéi ee Saz ass falsch?

- De Coronavirus ass e Mikrobe.
- All d'Mikrobe si schlecht fir d'Gesondheet.**
- Mikrobe gi gebraucht fir Jughurt, Kéis oder Schockela hierzustellen.

Erklärung

Sou kleng Organismen, wéi Viren, Bakterien an och verschidde winzeg Pilzen (Hief), ginn als Mikrobe bezechent. De Coronavirus ass also tatsächlech e Mikrob. Mee net all Mikrob ass schlecht fir eis Gesundheet. Vill Mikroben hëllefen eis dobäi Saachen hierzustellen, déi mir wierklech gär hunn, wéi zum Beispill Kéis oder Schockela. Verschidde Mikroben si souguer gutt fir eis Gesundheet, zum Beispill déi déi an eisem Bauch liewen an eis Hëllefen eist lessen ze verdauen, fir déi wichteg Nährstoffer fir eise Kierper erauszeeien.

2. Firwat huet de Virus den Numm « Corona » kritt?

- Well seng Form e bësse wéi eng Kroun ausgesäit, wann een en ënnert dem Mikroskop kuckt.**
- Well « Corona » Kroun heescht an hien de Kinnek vun de Viren ass.
- Well de Wëssenschaftler, deen de Virus entdeckt huet, Corona heescht.

Erklärung

D'Coronavire sinn am Fong eng ganz Famill vu Viren, déi wann een se ënnert dem Mikroskop kuckt, eng Form hunn, déi un eng Kroun erënnert (corona = latein fir Kroun, Kranz). Déi meescht Krankheeten déi vun dëse Coronaviren ausgeléist ginn, sinn harmlos fir de Mënsch. Si kënnen awer heiansdo méi schlëmm Krankheeten ausléisen, besonnesch da wann si d'Otemwéier vun de Mënschen ugräifen (z.B. SARS, MERS, COVID-19). De Coronavirus, dee fir des Pandemie verantwortlech ass, huet de wëssenschaftlechen Numm SARS-CoV 2.

3. Ween kann de Coronavirus kréien?

- Déi Erwuessen, virun allem déi eeler Léit.
- Déi Jonk, mee d'Kanner net.
- Jiddereen.**

Erklärung

Jiddereen kann de Virus kréien, souguer Kanner. Mee net jiddereen entwéckelt d'Coronavirus Krankheet, déi COVID-19 heescht, an déi déi se kréien kënnen méi oder manner krank ginn. Esou kréien d'Kanner nëmmen ganz seelen déi schwéier Form vum COVID-19. Op der aner Säit, hunn Mënschen, déi schon un enger anerer Virekrankung leiden oder eeler Léit, méi en héigen Risiko fir déi schwéier Form vu COVID-19 ze kréien. Dofir nennt een des Mënschen vulnérabel. D'Kanner si gefrot ginn, hir Grousselteren net ze besichen, fir si ze schützen, wëll am Geigesatz zu Kanner, sinn eeler Léit ufälleg (vulnérabel) fir schwéier krank ze ginn.

Quiz Coronavirus

Fiche Äntwerten an Erklärungen

4. Firwat ass de Coronavirus e Problem?

- Well hien d'Kanner dorun hënnere kann an d'Schoul ze goen an déi Erwuesse fir schaffen ze goen.
- Well hien eis dorun hënnere kann an de Restaurant iessen ze goen, akafen ze goen an de Fliger ze huele fir an d'Vakanz ze fléien.
- Well Léit, déi sech mam Virus ustiechen, heiansdo eng Krankheet entwéckelen, déi sech COVID-19 nennt, déi meeschtens net sou schlëmm verleeft, mee heiansdo awer verschidde Léit ganz schlëmm krank maache kann.**

Erklärung

Och wann et iergerlech ass, datt een net méi an d'Schoul goen kann oder och net an d'Vakanz fuere kann, dann ass dat wichtegst jo awer nach ëmmer d'Gesondheet. De Coronavirus ass also e Problem, well verschidde Léit, déi sech mam Virus ustiechen, ganz schlëmm krank kënnen ginn an souguer dorun stierwen kënnen. Et schwätzt een vun enger sanitärer Kris (Gesondheetskris), well gefaart ginn ass, datt ze vill Léit mateneen schwéier krank géifen ginn an datt dann net genuch Better an de Spideeler fräi wieren, fir des krank Léit gutt behandelen ze kënnen. Gottseidank ass dat net zu Lëtzebuerg geschitt, mee an aner Länner, wéi z.B. Italien, Frankräich oder Spuenien war dat de Fall. Lëtzebuerg huet iwwregens dofir Patienten aus Frankräich opgeholl, fir déi franséisch Spideeler ze entlaaschten, wou net genuch Better fir all déi krank Léit fräi waren.

5. Wat sinn d'Haaptsymptomer vun enger Erkrankung mam Coronavirus (COVID-19)?

- Féiwer, Duerchfall, Appetitlosegheet an Iwwelzegheet.
- Féiwer, Houscht, Otemproblemer a Middegheet.**
- Féiwer, Kappwéi, d'Aen déi picken an d'Oueren déi päifen.

Erklärung

Dat sinn d'Haaptsymptomer, déi vun der Weltgesundheitsorganisatioun WHO och sou validéiert a matgedeelt goufen. Eng ganz Réi aner Symptomer sinn identifizéiert ginn. Si trieden awer net systematesch bei all de Patienten op, oder hir direkt Relatioun mam Coronavirus gëtt nach vun de Wëssenschaftler diskutéiert. En plus gesäit et sou aus, wéi wann vill Porteurs vum Virus gesond Porteurs sinn, d.h. si hunn de Virus zwar am Kierper, mee hunn awer keng Symptomer vun der Krankheet.

6. Wéi iwwerdréit de Coronavirus sech?

- Duerch kleng Drëpsen, déi beim Schwätzen, Houschten oder Néitsen aus der Nues oder dem Mond ausgestouss ginn.
- Duerch kontaminéiert Géigestänn oder infizéiert Persounen.
- Duerch all des Saachen.**

Erklärung

De Virus ass am Spaut an an den Otemweeër vun den infizéierten Léit. Wann ee schwätzt, houscht oder néitst, da ginn kleng Drëpsen mam Virus aus eisem Mond oder eiser Nues ausgestouss. Wann des Drëpsen op enger aner Persoun landen, da kënnen si sou des Persoun ustiechen. Dofir soll een ëmmer 2 Meter Ofstand vun deenen aner Léit halen an säi Mask undoen. Wann des Drëpsen op engem Géigestand landen, da kann eng Persoun sech och ustiechen, wann si dësen kontaminéierten Géigestand upaakt. Dofir solle mir eis Hänn regelméisseg gutt mat Seef wäschen an eis och net mat den Hänn an d'Gesicht fueren.

Quiz Coronavirus

Fiche Äntwerten an Erklärungen

7. Wéi kënnt de Coronavirus an de Kierper?

- Duerch de Mond, d'Nues an d'Aen.
- Duerch d'Haut.
- Duerch d'Hänn.

Erklärung

Eis Haut ass sou gutt gemaach, datt si eis souguer virun deene klengste Vire schützt, andeem si verhënnert, datt d'Viren an de Kierper rankommen. Nëmme déi Deeler vun eisem Kierper, déi mir als Schläimhait bezeechen (haaptsächlech de Mond, d'Lëpsen, Nueslächer an d'Aen) sinn eng ideal Aganksdier fir de Virus. Dofir ass et sou wichteg sech d'Hänn gutt ze wäschen an sech net mat den Hänn an d'Gesicht ze fueren. Effektiv, och wann de Virus net duerch Haut vun den Hänn an de Kierper komme kann, sou kënne mir awer de Virus op eisen Hänn hunn, wëll mir en kontaminiéierte Géigestad ugepaakt hunn. Wann mir dann mat eisen Hänn eis Schläimhait beréieren (z.B. wa mir eis d'Aen reiwen, oder mam Fanger an d'Nues ginn), da kënne mer eis sou mam Virus ustiechen.

8. Wéi kann een de Coronavirus bekämpfen?

- Duerch eng Impfung.
- Duerch d'Anhuele vun Antibiotiquen.
- Duerch d'Respektéiere vun den Hygiènes-Reegelen an de Barrière-Gesten.

Erklärung

Antibiotiquë wierke géint Krankheeten, déi vu Bakterië verursaacht ginn, mee si hu keng Wierkung géint Viren. Tatsächlech gëtt et keng wierklech wirksam Medikamenter géint Viren, och wann d'Antibiotiquen am Fall vu Komplikatiounen bei enger Viruserkrankung hëllef kënnen. Déi Methode, déi an der Medezin géint Viren agesat gëtt, nennt sech Impfung. Dobäi gëtt dem Kierper en deaktivéierte Virus oder just en Deel vun deem Virus agesprézt, deen de Mënsch net krank mëscht. Dat geet dem Kierper dann duer fir spezifesch Antikierper ze produzéieren, déi wéi eng Verdeedegungsarmee géint de Virus funktionéieren an déi de Kierper oft iwwer Jore behält. Et seet een och, datt een dann immun ass, well wann den echte liewege Virus dann am Kierper optaucht, dann huet een Antikierper, déi de Virus direkt erkennen an hien zerstéieren.

9. Wann 2 Kanner, déi sech scho laang net méi gesinn hunn, am Schoulhaff begéinen, müssen si:

- Vermeiden sech unzekucken a mateneen ze schwätzen.
- Sech vu lauter Freed an d'Äerm falen.
- Ofstand vun 2 Meter zu eneen halen.

Erklärung

Natierlech sollt een sech net an d'Äerm falen, och wann een sech bestëmmt immense freet fir säi beschte Frënd/seng bescht Frëndin endlech kënne rëm ze gesinn. Mee et dierf een sech natierlech ukucken a matenee schwätzen, wichteg ass awer, dobäi säin Ofstand ze halen an och all Kierperkontakt ze vermeiden.

Quiz Coronavirus

Fiche Äntwerten an Erklärungen

10. Wéi ee Saz iwwert Barrière-Gesten ass falsch?

- Et muss een an säin lelebou houschten oder néitsen.
- Et muss een ëmmer een an dat selwecht Nuessnappech aus Stoff benotzen, dat ee bei 90°C an der Wäschmaschinn wäsche kann.
- Et soll ee vermeide säi Gesiicht mat den Hänn ze beréieren.

Erklärung

Et soll een e Pabeiernuessnappech eemol benotzen an et dann an eng Poubelle mat Deckel geheien. En Nuessnappech aus Stoff an dat en sech puermol schnäizt an dat een dann an sengen Täschen mat ronderëm schleeft, kéint ganz schnell duerch de Kontakt mat de Kleeder an den Hänn dozou bäidroen, datt de Virus sech verbreet, wann déi betreffend Persoun mam Virus infizéiert wier.

11. Wéi eng Behauptung ass falsch?

- D'Undoe vun enger Mask, engem Buff oder Schal, déi de Mond an d'Nues bedecken, hëlleft ze vermeiden, datt een sech mam Coronavirus ustécht.
- D'Undoe vun enger Mask, engem Buff oder Schal, déi de Mond an d'Nues bedecken, ass obligatoresch wann et net méiglech ass de Sécherheetsofstand vun 2 Meter anzehalen.
- D'Undoe vun enger Mask, engem Buff oder Schal, déi de Mond an d'Nues bedecken, ass en zousätzleche Schutz deen hëlleft sech selwer virum Coronavirus ze schützen an deen awer virum allem hëlleft de Virus net weider ze verbreedden, wann een sech ugestach hätt ouni et ze wëssen.

Erklärung

D'Undoe vun enger Mask, engem Buff oder Schal, déi de Mond an d'Nues bedecken, bidden eleng keen zuverlässige Schutz virum Coronavirus. Et ass éischer en zousätzleche Schutz géint d'Ausstosse vun Dräpsen, wann ee manner wéi 2 Meter Ofstand vuneneen huet. De Mask schützt och éischer fir de Virus net ze verbreedden, wéi fir sech selwer géint de Virus ze schützen. Dofir si Barrière-Gesten an Hygiènes-Reegele sou wichteg an et dierf een net mengen, datt ee gutt geschützt ass, just well een eng Mask oder e Buff unhuet.